

## Préambule

Nodeems mir scho méi wéi emol, motivéiert a laang Diskussiounen mat der Direktioun iwwert dëst Thema gehalen hunn, ass et fir eis en Affront, dass Dir ouni mat eis ze schwätzen esou eng Nott eraus gitt an dat eng Woch nodeems mir ënnert anerem zu dësem Thema eng Entrevue bei der DMS ugefrot hunn.

Et ass flagrant, dass zu Decisioune wéi dëser net mat de betraffene Leit berode gëtt (Operateur CSU, Ambulancier).

Dës Nott ass Contraire zum Règlement Opérationnel vum CGDIS, laut dem de Chefd'agrés als COS sur Place responsabel fir den Asaatz ass, hei gëtt vu gemeinsamen Decisioune geschwat, ouni d'Responsabilitéiten ze definéieren.

Dës Nott setzt sech als Zil op d'Wichtigkeet vun der Dokumentatioun opmierksam ze maachen, bréngt awer nieft e puer Rappelen op dësem Niveau, just eng Neierung an zwar „d'Preuve écrite“, ouni awer ze erklären, em wat et sech heibäi handelt, resp. gëtt dës just ernimmt a kengesfalls erkläert.

Och bei den operationnellen Demarchen déi des Note virschreift gëtt et keng Zeil Erklärung wéi dës zu méi Rechtssécherheet solle féieren, am Contraire schafen si eng nei Problematik andeems e System agefouert gëtt an dem zwee Leit gemeinsam eng Decisioun huele sollen ouni, dass denen Leit hir Responsabilitéiten definéiert ginn.

Et ginn zwar zwee Szenarien beschriwwen; de vum „zourechnungsfähigen“ an „net zourechnungsfähigen“ Patient, et gëtt awer keng Critèren definéiert un denen en dës kann ënnerscheeden.

En drëtte Fall, an zwar den an dem de Pompjee der Meenung ass, et wier dat bescht fir de Patient net mat ze fueren, gëtt an dëser Note iwwerhaupt net ugeschwat.

Et gëtt hei gedoktert a gepléischtert, wou egt néideg wier der Saach op de Fong ze goen, den SNPPL ass der Meenung, dass de CGDIS séng komplett Dokumentatioun vu Kapp bis Fouss misst iwwerdenken. Dëst souwuel am Rettungsdéngscht wéi och am Pompjeeswiesen, an zesummen mat de concernéierten Acteuren um Terrain. Duerno wier et wichtig de Leit eng anstänneg Formatioun an dem Domaine ze bidden, dëst fuerderen mir iwwregens schonn zënter wéinstens zwee Joer.

Wann hei en ofgeséchert gëtt, ass et de CGDIS, an net den eenzelen Pompjee andeems hei méiglechst vill Schikanen agebaut ginn, dreiwit een d'Leit dozuou net méi ze froen wat ass dat Bescht fir de Patient mee wéi kréien ech iergendwéi de Patient iwwerzeegt mat an d'Klinik ze fueren. Soumat droe mir aktiv zur Iwwerlaaschtung vun den Urgencen an de Spideeler bäi.

## Analyse vun den Artikelen

### **ad.Intitulé**

Den Titel deit un, dass et sech hei em eng Nott betreffend d'Asatzdokumentatioun handelt, tatsächlech ginn et an der Nott konkret Amëschungen an den operationellen Asatzverlaf

### **ad.alinéa 1**

Hei gëtt et näischt aus ze setzen; an dësem Abschnitt steet awer och näischt dran wat net schonn an der Grondausbildung misst kloer sinn, a virun allem näischt Neies

### **ad.alinéa 2**

Hei steet net nëmmen näischt Neies, quasi de ganzen Alinea ass e Copie Paste aus enger viirechter NDS.

### **ad.alinéa3**

Et wierkt befriemlech, dass de Pompjee dem Patient muss Alternativen ubidden; éischtens ass et, wann de Pompjee een präziist Zil huet (den Patient ze iwwerzeegen an d'Klinik matzufueren), net sonnerlech förderlech wann een dem Patient da proposéiert, dass een doheem op en oppasst, zweetens schéngt dëst och rechtlech net ganz koscher ze sinn, hei d'Responsabilitéit un z.B. e Familiemember of ze drécken.

Am leschten Saatz gëtt hei den Therme „Preuve Ecrite“ agefouert, ouni drop an ze goen, wat dëst genee bedeite soll an a wéi enger Form een hei soll ofgeséichert sinn.

Doduerch, dass een de Patient seng Donnéeën selwer um Refus de Transport ausfëlle gelooss huet, hat een bis elo usazweis en objektive Critère fir den Etat de Conscience vum Patient fest ze stellen, mir kënnen net novollzéien wéi d'Ewechfalen vum Refus de Transport eng verbessert Ofsécherung fir de Pompjee soll duerstellen.

### **1. alinéa 4**

Hei schéngt et, dass d'Auteurs vum Text sech kee Moment Zäit geholl hunn fir ze bedenken wéi dës Mesuren zu enger direkter Méibelaaschtung vun allen Acteuren um Terrain féiert (méi Appellen um CSU, méi laang Dauer vun den eenzelen RTWS-Asätz). Dëst an Zäiten wou, ëmmer méi Leit souwisou schonn d'Flemm hunn, well de Personalmangel akut ass a weder um CSU nach an iergendengem CIS de Personalschlëssel der Asatzrealitéit ugepasst ass.

Et stellt sech och d'Fro wéieng Décisioun getraff soll ginn well jo de Pompjee souwisou, am beschriwwene Fall schon decidéiert huet, dass de Patient misst mat an d'Klinik.

Schlussendlech ginn grondleeënd Froen net beäntwert:

- Wien ass dës neutral Persoun (Opérateur, Chef de Salle, Officier Santé) ?
- Wéi gesäit et bei enger gemeinsamer Entscheedung mat gemeinsamer Responsabilitéit aus, an wéi get dat dann vun béiden Säiten propper dokumentéiert?
- Wat geschitt wann e keen Konsens fënnt?
- Wéi eng Konsequenz muss gezu ginn wann en sech mam Patient net eenz gëtt?

## **ad.alinéa 5**

Hei gëtt de Fall vum net zourechnungsfähege Patient, den den Transport verweigert, an zwou Zeilen ofgehandelt. Dass et sech hei ëm eng vun de schwierigsten Decisiounen am gesamte Rettungsdéngscht handelt, erkennt een wann iwwerhaapt dann do drun, dass d' Auteuren vum Text sech méiglechst wéineg a schwammeg äusseren. Eleng d'Panoplie un Asätz déi a Fro kommen gehéieren hei an d'Grundformatioun a kënne kengesfalls esou erschreckend vereinfacht beschriwwe ginn.

Och hei stellt sech d'Fro, wann zwee Leit zesammen e Choix huelen, wien d'Responsabilitéit dréit.

### **1. alinéa 6**

Hei wier et méi sënnavoll déi dräi Pilieren vun der kompletter Dokumentatioun ze rappeléieren, d'Situatioun wéi se virfonnt gouf, d'Werter déi erhuewe goufen an d'Mossnahmen déi getraff goufen, a wéi den Transport duerchgefouert gëtt.